ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 15. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser

M O T I O U N

D'Chamber

- ënnersträicht, datt jiddereen, dee mengt zu Lëtzebuerg Kenntnis vun enger Illegalitéit ze hunn, sech kann un d'Police an d'Justiz adresséieren, an do och kann eng Plainte maachen;
- datt et also net néideg ass, datt de Staat zousätzlech nach aneren Instanzen erlaabt fir Denonciatiounen oder Plainten entgéintzehuelen;
- ass sech bewosst, datt d'Erzéiung vun de Kanner an d'Eruwuesse vun deene Jonke sech sollen un héije moralesche Wäerter orientéieren a staark Charaktereegenschafte förderen, dorënner och de Courage, d'Oppenheet an d'Éierlechkeet;
- stellt fest, datt besonnesch déi anonym Denonciatioun vun anere Leit eng Rei vu moralesche Problemer mat sech bréngt, déi dëse Wäerter net entspriechen;
- erënnert un deen Ongeescht vun der Denonciatioun, deen et villen totalitäre Regimme leider erlaabt huet, hir Muecht op Käschte vun Demokratie a Fräiheet, dacks fir laang Zäit, ze erhalen an ofzesécheren;
- ënnersträicht, datt et zu Lëtzebuerg keng esou Mechanisme soll ginn an och keng Mentalitéit soll ënnerstëtzt ginn, déi besonnesch anonym Denonciatioune géing encouragéieren.

D'Chamber fuerdert d'Regierung dowéinst op:

- et kenge staatlechen oder ausserstaatlechen Instanzen ze erlaben, Denonciatiounen oder Plainten entgéintzehuelen, ausser der Police, der Justiz an deene rechtsstaatlechen Instanzen, déi eng explizit gesetzlech Basis dofir hunn, a virgeschriwwene Prozeduren ze applizéieren, déi d'Rechter vun alle Bedeelegte respektéieren a schützen.